N°523
Entrée le 28.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 523 vum 25. Mäerz 2024 vun der honorabeler Deputéiert Barbara Agostino a vun der honorabeler Deputéiert Corinne Cahen.**

En ligne mam Koalitiounsaccord, ass d'Regierung iwwerzeegt dass déi erneierbar Energien d'Zukunft vun eiser Energieversuergung sinn, op nationalem an europäeschem Niveau. Dofir hält d'Regierung och weider un den Ziler vum Plan national intégré en matière d'énergie et de climat fest an investéiert massiv an d'Entwécklung an an den Ausbau vun erneierbaren Energiequellen.

D'Regierung consideréiert d'Atomenergie net als nohalteg Energie an huet Sécherheetsbedenken bezüglech der aktueller Technologie. Duerfir wäert d'Regierung sech weiderhin bei de franséischen a belschen Autoritéiten dofir asetzen fir Cattenom, Tihange, an Doel zou ze maachen. An duerfir schléisst d'Regierung och de Bau vun enger Atomzentral op lëtzebuergeschem Bueden aus.

D'Regierung notéiert par conter d'Intentioun vun aneren europäesche Länner fir weider an Atomenergie ze investéieren fir hir CO2-Emissiounen ze reduzéieren. Am Respekt vun den europäeschen Traitéeën déi esou Décisiounen de Memberstaaten iwwerloossen, wäert d'lëtzebuerger Regierung dës Décisiounen net hannerfroen, ausser se schafen direkt Sécherheetsrisiken fir eist Land.

Den europäesche Budget stellt haut schon am Kader vum ITER an Euratom finanziell Mëttele fir d'Fuerschung an d'Atomenergie zur Verfügung. D'Regierung wäert sech op europäeschem Niveau dofir asetzen, dass esou vill wéi méiglech ëffentlech Ressourcen an d'Recherche an an den Ausbau vun erneierbaren Energien ginn an dass d'EU-Mëttel fir Nuklearfuerschung solle prioritär an de Beräich vun der Sécherheet a vun der Offallversuergung fléissen.

Lëtzebuerg, de 27. Mäerz 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN